adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le
27 MARS 2019
565

Lëtzebuerg, den 26. Mäerz 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Sportminister weiderzeleeden.

D'Ënnerstëtzung vu federéierte Sportveräiner a besonnesch vun hirer Jugendaarbecht ass e Muss, grad wann een iwwert dat reng Sportlecht eraus de soziale Facteur berécksiichtegt. Dat gëtt hei zu Lëtzebuerg och honoréiert iwwert e staatleche Subsid, esou wéi en am Sportsgesetz vum 3. August 2005 a sengen Ausféierungsbestëmmungen (groussherzoglecht Reglement vum 23. Dezember 2016 "concernant les subsides accordés aux clubs sportifs affiliés auprès d'une fédération sportive agréée") festgeluecht ass. Doranner gëtt et e Basis-Subsid an e Subsid Qualité+ mat méi héijen Ufuerderungen un d'Qualifikatioune vun den Trainere vu jonke Leit ënner 16 Joer. Well awer ganz vill Veräiner a ville Sportaarten nëmmen duerch d'Gratisaarbecht vu Benevollen iwwerliewen, wollt ech dem Här Sportminister dës Froe stellen:

1. Ass den Här Minister sech bewosst, wat d'Ufroe vun esou engem Subsid fir en administrativen Opwand bedeit, deen dacks muss vu Benevolle geleescht ginn?
2. Kann den Artikel 5 vum Reglement esou interpreteiert gin, datt dee GANZEN Subsid ka refuséiert ginn, och wann zum Beispill een eenzegen Trainer/Betreier d'Konditioune vum Artikel 25- Paragraph 2 net erfëllt an all déi aaner Trainer/Betreier d'Konditiounen ënnert Artikel 5-1 op héijem Niveau erfëllen ?
3. Stëmmt et, datt an Zukunft soll exigéiert ginn, datt all Diplom "homologéiert " muss ginn, och wann et sech em europäesch Standarddiplomer handelt, ewéi zum Beispill am Fussball den UEFA PRO, UEFA A, UEFA B oder UEFA C – Trainerschäin ?
4. Wann déi Interpretatiounen esou wieren, muss dann net envisagéiert ginn, den Text vum Reglement ze änneren fir esou Situatiounen an esou iwwerdriwwe Fuerderungen ze evitéieren ? Dobäi kéint dann déi ganz Prozedur vereinfacht ginn, am Sënn vun enger "simplification administrative" zum Wuel vum Bierger.
5. Wär et zum Beispill méiglech, de Prozess vum Ufroe vum Subsid ze erliichteren, z.B. andeems de Ministère eng Lëscht féiert vu qualifizéierten Traineren, déi esou net all

Joer nei missten déi entspriechend Pobeiere virleeën. Dëst géif déi personell an zäitlech Belaaschtung vun de Veräiner reduzéieren an hinnen hëllefen, hir knapp Ressourcen an d'Jugendaarbecht ze stiechen amplaz an d'Bürokratie.

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

Le Ministre

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
43, boulevard F.D Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Luxembourg, le 3 mai 2019

**Objet : Question parlementaire n°565 de M. le Député Roy Reding au sujet des subsides accordés aux clubs sportifs affiliés auprès d'une fédération sportive**

Monsieur le Ministre,

Par la présente, j'ai l'honneur de vous faire parvenir la réponse de Monsieur le Ministre des Sports à la question parlementaire n°565 de l'honorable député Roy Reding.

Je vous prie de bien vouloir la transmettre à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Le Ministre des Sports

Dan Kersch

Bureaux:
66, rue de Trèves
L-2630 Luxembourg

Adresse postale:
B.P. 180
L-2011 Luxembourg

Tél. (+352) 247-83406
Fax (+352) 43 44 36

www.sport.public.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

**Réponse du Ministre des Sports Dan Kersch à la question parlementaire de l'honorable Député M. Roy Reding au sujet des subsides accordés aux clubs sportifs affiliés auprès d'une fédération sportive agréée**

D'Fro vum honorabelen Deputéierte Roy Reding beschäftegt sech mat de Prozeduren a Kritären déi e Veräin muss erfëllen, fir vum Subside qualité+ kënnen ze profitéieren.

No der Ofschafung vun de fréiere «chèques services accueil» fir de Sportberäich am Joer 2017, huet d'Regierung de Subside qualité+ an d'Liewe geruff, fir déi Sportsveräiner finanziell ze ënnerstëtzen, déi an d'Qualifikatioun vun hiren Traineren am Jugendberäich, a sou mat an e qualitativ héichwäertegen Encadrement vun hire jonke Sportler, investéieren.

An dësem Kontext ass och de fréiere Subside ordinaire op de Leescht geholl ginn an un den neie Subside qualité+ gekoppelt ginn. Et ass allerdéngs duerchaus méiglech nëmmen de Subside de base unzefroen, wann een als Veräin déi méi selektiv Kritäre vum Subside qualité+ net, oder nach net, erfëllt.

Ech freeë mech och dem honorabelen Deputéierte matzedeelen, dass fir d'Joer 2018, vun Veräiner vun 27 Federatiounen insgesamt 327 Ufroe fir ee Subside am Sportsministère traitéiert gi sinn an esou ronn 3,4 Mio € an d'Jugendaarbecht vun de Veräiner gefloss ass.

1. Et ass evident, dass d'Ufro souwuel vum Subside de base, ewéi och vum Subside qualité+, esou ewéi iwwregens all administrativ Démarche, e gewëssenen administrativen Opwand fir d'Veräiner bedeit. Aus, ënnert anerem, Dateschutzgrënn mussen dës Demanden exklusiv iwwert déi elektronesch a securiséiert Plattform «MyGuichet» gestallt ginn, wat esouwuel d'Saisie ewéi och den Traitement vun der Demande allerdéngs vereinfacht. D'Unzuel an den Traitement vun den Demandë vum Joer 2018 hunn allerdéngs erginn dass de gréissten Deel vun de Veräiner dëst ouni gréisser Problemer gemeeschtert huet.

2. Beim Ausschaffe vun dësem Subside, iwwregens an enker Zesummenaarbecht mam ganze Sportsmouvement, a virop dem COSL, ass e ganz besonnesche Wäert op d'Qualitéit vun der Betreiung vun de jonke Sportler geluecht ginn, déi sech duerch d'Qualifikatioun vun den Traineren ausdréckt. Et gouf drop gehalen, dass d'Kanner vun Ufank un, wou si Sport maachen, gutt a richteg encadréiert ginn. Fir dëst ze garantéieren, sinn d'Kritären am Aklang mam Sportsmouvement, esou fixéiert ginn, dass op mannst 50% vu den Traineren, déi sech ëm d'Jugend këmmeren en «C Schäin» oder méi musse virweisen, an déi aner maximal 50% vun den Traineren, entweder eng sougenannte «Préformatioun», oder en «acquis de l'expérience» vun 10 Joer musse geltend maachen.

Dat bréngt effektiv, laut de Bestëmmunge vum Reglement mat sech, dass esoubal een Trainer ouni iergendeng Qualifikatioun op der Demande steet, de Veräin d'Konditioune fir de Subside qualité+ net méi erfëllt.

Grad dofir kënnen d'Traineren ouni Diplom eng Validatioun vun hirem «acquis de l'expérience» ufroen an e Sportler, dee während 10 Joer aktiv war, brauch just de Module «apprentissage et enseignement» vun 8 Stonne bei der Ecole nationale de l'éducation physique et des sports (ENEPS) matzemaache fir als Trainer ze zielen. Och fir d'Léierpersonal an d'Educateure sinn erliichtert Konditioune virgesinn, andeems si just de Module «planification d'une séance» vun 8 Stonne bei der ENEPS maache mussen.

3. D'ENEPS ass zoustänneg fir d'Homologatioun vun auslänneschen Trainerdiplomer, an dat net nëmmen am Kader vum Subside qualité+, mee och am Kontext vun der Ëmsetzung vun de betraffenen europäesche Richtlinnen. Dës Homologatiounen erlaben dem Sportsministère déi jeeweileg Traineren am Kontext vum Subside qualité+ korrekt anzestufen a si besonnesch bei esou gängegen Trainerschäiner ewéi UEFA Pro, UEFA A, B, oder C eng reng Formsaach.

4. De Sportsministère ass säit e puer Wochen am Gaang, d'Erfarunge vun de leschten zwee Joer Subside de base a Subside qualité+ ze analyséieren, an op Grond dovunner, esou ewéi dëst och am Regierungsprogramm festgehalen ass, dat aktuellt Reglement ze iwwerschaffen, an dëst, esouwuel am Kontext vun der Reform vun den Texter, déi d'Trainerformatioune betreffen, ewéi och am Sënn vun enger administrativer Vereinfachung.

5. Selbstverständlech huet d'ENEPS déi relevant Donnéeën iwwert d'Qualifikatiounen an d'Diplomer vun den Traineren, déi zu Lëtzebuerg hir Formatioun gemaach hunn, a vun deenen Traineren, déi eng Homologatioun vun hirem auslänneschen Diplom ugefrot hunn. Aus Dateschutzgrënn ass et awer just méiglech des Diplomer un déi jeeweileg Traineren erauszeginn an net un de Veräin oder un eng aner Institutioun. De Sportsministère ass awer am Gaang, esouwuel mat der ENEPS, ewéi och mam «Centre Informatique des Technologies de l'Etat» (CTIE) ze kucken, ewéi et méiglech ka gemaach ginn, dës Prozedur fir 2020 ze vereinfachen.

Et ass de Veräiner awer elo scho méiglech, d'Donnéeë vu Joer zu Joer ze kopéieren, an esou nach just Adaptatioune mussen ze maachen, ouni awer alles nei mussen ze saiséieren.

Des weidere kann ech dem honorabelen Deputéierte versécheren, dass déi zoustänneg Divisioun vum Sportsministère, den Veräiner bei alle Froen zur Verfügung steet.